

Luxembourg, le 21 février 1990

Commission gouvernementale
pour le Monument
Grande-Duchesse Charlotte



Monsieur,

En annexe à la présente, je vous transmets les textes luxembourgeois relatifs à la CANTATE GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE, à composer par les auteurs-compositeurs Julien HOFFMANN, associé à Monsieur Jos SCHOLTES (texte) et Pierre NIMAX, associé à Monsieur Gil MANDY.

Je vous serais redevable, si vous vouliez bien analyser et coter lesdits textes par des notes pouvant aller de 1 à 20 points, ceci dans l'optique "fond", "forme", "substance". Avec votre aimable accord, nous pourrions reprendre le sujet pour décision quant au texte à choisir à la réunion du mercredi, le 28 février prochain à 10 h. à l'Administration des Bâtiments Publics.

Cordiaux remerciements et salutations amicales,


Gast GENGLER
Professeur-attaché
Secrétaire

Un d'Grande-Duchesse Charlotte vu Lëtzebuerg

An haarde, schwéieren Zäiten, do koumt Dir op den Troun,
a vill ze schwéier schéngt Iech ze sin déi Kinnekskroun.
Fir d'Wuel vun eisem Vollek, fir eise Fortbestand
huet Dir se missten droen. Dir wort nach bal e Kand.
E Pränz wor Iech eng Hëllef: Op eisem eegne Grond
koum nees e Stack un d'Bléien, dee ferm as a gesond. -
Mir haten néngandrësseg, Begeeschtroug uechtert d'Land:
Dir, Groussherzogin Charlotte, Dir wort fir äis Garant
fir Wuelstand a fir Fridden, fir Fräiheet a fir Recht.
Mir woren ni sou eeneg. - Mä duerno goung et schlecht.
Et koume batter Zäiten. Eis Heemechtsléift an d'Trei
déi mussten uereg bludden a wëller Barbarei.
Mä an der déifster Däischtert huet äis e Stär geliicht,
mat Ärer Stëmm vu London, do gouf et äis méi liicht,
well Dir, léif Groussherzogin, hutt äis d'Gewëssheet gin,
datt mir keng Sklave wieren an ni der wäerte sin. -
Déi Däischtert as vergaangen. Hell blénkt nees d'Fräiheetsson.
"Vive d'Groussherzogin Charlotte!" koum d'Freed aus jidfer Monn.
- Mat Léift an Iwerzeegong, stounge mir, fest wéi ni,
ëm Iech an Är Familjen, eis eegen Dynastie. -
Dir hutt äis misst verloossen, fir Ëmmer, léif Madame.
Et huet äis wéi gedoen, Dir wort äis wéi eng Mamm. -
Haut steet Ärt Bild am Zenter, am Häerz vun Ärer Stad,
en Zeechen datt Ärt Vollek Iech Ëmmer gären hat.
Loosst äis nach eemol soen, Iech, eisem schéine Stär,
wat mir nach Ëmmer fillen: "Madame, mir hun Iech gär!"

Gil Mandy

U N D' G R A N D E - D U C H E S S E C H A R L O T T E

Un Grande-Duchesse CHARLOTTE onst Land haut denkt

Un d'Grande-Duchesse onst Land haut denkt,
Hir, déi dem Vollék vill geschenkt.
Déi Gléck a Suerg mat him gedeelt,
Haut muenech engem nach dacks feelt.

Si huet bluddjonk mat sech'rem Bléck
Hiirt Land geleet mat vill Geschéck.
De Fraiheetssénn dee wor bekannt
Bis ons geknëppelt d'Naziband.

Verjot vun Troun an Heemechtsierd,
Vun allem wat Si sou begiert,
Mam Vollék, deem Së **trei** geschwuer
Hat Si Hiirt léift klengt Land verluer.

Laang Jore si fir Si vergaang,
Si huet mam Häerz um Land gehaang.
Hat an der Friemd eng glécklech Hand
An huet sech agesaat fir d'Land.

U Rousen hat Si souvill Freed
Wann d'Bléi do stong an schéinste Kleed.
Datt Si së gär hat, grad des Blum,
Dat seet ons all ee Rousenum.

Si huet getrei nom Eed geliewt,
No Wuelstand, Fridd huet Si gestriewt.
Eng europäesch Eenegkeet
Dat wor fir Si eng Wierklechkeet.

Mat Waitsiicht gouf onst Land geleet
An d'Trounfolleg wor virbereet.
Déi Sot gong op a voller Bléi,
Mat Rot gestärkt géint muenech Schléi.

Wa Lëtzebuerg Si och vermësst,
Ni d'Grande-Duchesse Charlotte vergësst.
Begleede soll S'ons Stonn fir Stonn,
Symbol vun onser Fraiheetssonn.